

# Kuerz & Knapp

DEZEMBER №4·24

## SPORTING CLUB

Engagement fir  
d'Jugend zu Bieles

## POMPIERS

Les volontaires  
répondent aux urgences

## E-MOBILITÉIT

Opraume mat Mythen  
a Mäercher

## CODE CLUB

Programmer l'avenir  
partout au Luxembourg

■ BIELES ■ EILERENG ■ SUESSEM ■ ZOLWER





## MAGAZIN.

- 6 Konferenz: Elektromobilitéit**  
Gespräicher mat Experte ronderëm Virurteeler
- 14 Une vie au service des autres**  
L'engagement quotidien des pompiers volontaires
- 24 tenThing Brass**  
Harmonie et puissance d'un ensemble unique
- 26 Sporting Club Belvaux**  
Leidenschaft fir déi sportlech Entwécklung vu Jonken
- 36 Programmer l'avenir**  
Le Code Club s'épanouit au niveau national



## INFORMATIIONSBLAT.

- 45 Sitzung 20.09.2024**
- 60 Sitzung 18.10.2024**
- 78 Sitzung 15.11.2024**

# kuerz & knapp.

DEZEMBER N°4·24



### GEMENG SUESSEM

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1  
mail@suessem.lu [www.suessem.lu](http://www.suessem.lu)  
fb/gemengsuessem [instagram/gemengsuessem](https://www.instagram.com/gemengsuessem)

### IMPRESSUM

Redaktioun, Konzeptioun & Fotoen  
**Service des Relations publiques et de la Culture**  
Stéckzuel **7.800 Exemplairen**  
**Biele, Dezember 2024**



L

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Den Zesammenhalt an eiser Gesellschaft ass eis e wichtegt Uleies. Dofir ass d'Gemeng Suessem virun zwee Méint dem Noperschafts-reseau Hoplr bäigetrueden. Dës sozial Plattform soll den Echange an eisen Uertschaften a Quartiere férdere, andeems ee sech op säin direkt Ëmfeld fokusséiert a sech géigesäiteg ënner d'Äerm gräift. Dës App ass net vun engem profitorientéierten Algorithmus gesteuert, an et gëtt och keng Publicitéit affichéiert.

De Succès léisst sech weisen: Wäit iwwer 1.000 Stéit aus eiser Gemeng hu sech scho gratis ageschriwwen. Mellt iech un op [hoplr.com](http://hoplr.com) a probéiert et selwer aus, egal ob dir Frëndschafte schléissen, Hëllef ubidden oder sichen, oder wësse wëllt, wat lass ass.

An dëser Editioun vun eisem Gemengemagasinn setze mir de Bénévolat an de Mëttelpunkt, mat engem interessante Portrait vun eise Pompjeeën an engem Bléck hanner d'Kulisse vum Sporting Club Belvaux, dee besonnesch bei de Kanner a Jugendlechen Akzenter setzt. Donieft raume mir mat Virurteeler vis-à-vis vun der Elektromobilitéit op, a weisen, firwat Coding eng Schoul fir d'Liewe ka sinn.

Vill Spaass bei der Lecture, an elo scho schéi Feierdeeg an ee gudder Rutsch!

Är Buergermeeschtesch / Votre bourgmestre,  
**Simone Asselborn-Bintz**

F

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

La cohésion sociale est une valeur qui nous tient particulièrement à cœur. C'est pourquoi la Commune de Sanem a rejoint, il y a deux mois, le réseau de voisinage Hoplr. Cette plateforme a pour vocation de favoriser les échanges au sein de nos localités et quartiers, en mettant l'accent sur le soutien mutuel. Contrairement aux réseaux sociaux traditionnels, Hoplr n'est pas régi par un algorithme à but lucratif et ne diffuse aucune publicité.

Plus de 1.000 ménages de notre commune ont déjà adhéré. N'hésitez pas à vous inscrire gratuitement sur [hoplr.com](http://hoplr.com), que ce soit pour nouer des amitiés, offrir ou recevoir de l'aide, ou simplement rester informé des événements locaux.

Dans cette édition de notre magazine communal, nous mettons à l'honneur le bénévolat avec un portrait captivant de nos pompière-s et un regard en coulisses sur le Sporting Club Belvaux, qui joue un rôle clé auprès des jeunes. Par ailleurs, nous déconstruisons certains préjugés sur l'électromobilité et expliquons pourquoi l'apprentissage du codage peut être une véritable école de la vie.

Bonne lecture, et d'ores et déjà, joyeuses fêtes et une excellente nouvelle année!



ENG GEMENG FIR D'LEWEN.  
DÉCOUVREZ VOTRE COMMUNE.

Suessem,  
je t'aime.

L

## Gutt ze wëssen

D'Gemeng Suessem leeft duerch jiddwer Eenzelen. Op eise verschiddenen digitale Plattformen probéiere mir, d'Mënschen, d'Veräiner an d'Aktivitéiten aus de véier Uertschafte Bieles, Éilereng, Suessem an Zolwer an de Mëttelpunkt ze stellen. Fir eise YouTube-Kanal ware mir dëst Joer ënner anere mam Sport Climbing Zolwer klabben, mat de Minettstrëppler op Entdeckungstour an hunn e ganz emouvante Portrait vun der Éilerenger Musek gezechent. Richtig an d'Déift geet et reegelméisseg bei eise Magasinn-Artikelen op [suessemjetaime.lu](http://suessemjetaime.lu), an deene mir déi interessantst Sujeten aus dem *kuerz&knapp*. an zwou Sproochen ubidden, a mat enger Hellewull Fotoen nach méi gräifbar maachen. Abonnéiert och eis Social-Media-Kanal, fir souwuel op Facebook wéi och op Instagram Dag fir Dag um Lafenden ze bleiwen, an ze gesinn, wéi är Gemeng sech weiderentwéckelt a wibbelt.



Stay tuned!

[SUESSEMJETAIME.LU/FOLLOWUS](http://SUESSEMJETAIME.LU/FOLLOWUS)


F

## Bon à savoir

C'est grâce à vous que la Commune de Sanem prend vie. À travers nos divers canaux numériques, nous cherchons à faire briller les personnes, les associations et les activités dans nos quatre localités Belvaux, Ehlerange, Sanem et Soleuvre. Cette année, pour notre chaîne YouTube, nous avons notamment grimé avec Sport Climbing Zolwer, exploré avec les Minettstrëppler et réalisé un portrait très émouvant de l'Harmonie d'Ehlerange. Nous approfondissons aussi régulièrement des sujets dans nos articles sur [suessemjetaime.lu](http://suessemjetaime.lu), où nous proposons les thèmes les plus intéressants du *kuerz&knapp*. en deux langues, les rendant encore plus tangibles avec une multitude de photos. Abonnez-vous également à nos réseaux sociaux pour rester informés jour après jour sur Facebook et Instagram, et voir comment votre commune continue de se développer et de vibrer.

KONFERENZ ZUR  
ELEKTROMOBILITÉIT.

# Mythen a Märcercher.



L

De Méindeg, 18. November 2024 war am Festsall vun der Gemeng zu Bieles en Theemenowend als Ofschluss vum Ëmweltjoer. Zil war et, e kritesche Bléck op d'Virurteeler ronderëm d'Elektromobilitéit ze geheien, an zwar aus dräi verschiddene Perspektiven. Mir hunn déi interessantst Aussoen erausgepléckt.



Den Audio vum Theemenowend  
[SUESSEMJETAIME.LU/EMOBILITY](https://suessemjetaime.lu/emobility)

Wat d’Nohaltegkeet ugeet, muss een ëmmer d’Integralitéit vun der Belaaschtung kucken. Rechent een zum Beispill den **Transport vum Äerdueleg** mat de Schëffer aus dem Produktionsland heihinner mat an, da sinn et scho gravéierend Ënnerscheeder, ab wéini en Elektroauto ekologesch méi sënnvoll ass. Mam Elektroauto gëtt et och kee Smog a Grousstied, an da muss een och soen: Et ass dat eenzegt Transportmëttel, dat op d’mannst theoreetesche mat Wand, Sonnen an nohaltegen Energië ka bedriwwen ginn. En Elektroauto ass net nëmme vum ökologesche Standpunkt en Avantage. Et ass och en extreem roueg Fuere, an et ass fantastesch dran ze sëtzen, wann ee beschleunegt an esou weider. A puncto Revisiounen gëtt et esou gutt wéi näischt, wat ufält.

Ech hu ganz bewusst keng Born doheem. **Mäin Auto huet 449 Kilometer Autonomie**, a menger Fra hiren huet 250 Kilometer Autonomie. Mir lueden ëmmer op der ganz normaler Haussteckdous, a mir hunn den Auto mol net all Nuecht ugeschloss. Déi Dous huet allerdéngs en Iwwerhëtzungsschutz, an et muss een oppassen, dass een sech eng installéiere léisst, déi bei Dauerbelaaschtung sécher ass.

**Déi längste Rees** mam Elektroauto, déi mir gemaach hunn, war op Warschau. Dat geet wonnerbar. Dat waren em déi **1.600 Kilometer**, an och am Oste gëtt et scho flächendeckend Luedstatiounen. Allerdéngs ass een ëmmer ganz gutt beroden, sech eng App erofzelueden, fir d’Statiounen ze fannen. Et gëtt verschidder, an am Beschte verléisst ee sech net nëmme just op eng. An Däitschland an Éisträich gëtt et Borne vun ENBW, wou ee sech eng Kéier umelle muss, an den Auto gëtt duerno ëmmer automatesch erkannt.

„D’Theema Nohaltegkeet huet mech zanter den 80er Joren net méi lassgelooss.“



— LUCIEN REGER.

ass zanter den 80er Jore ganz aktiv an den nohaltegen Theemen an huet och scho 6 Joer laang Spaass un der Elektromobilität. Als Familljepapp an Entrepreneur huet hie vill länger Trajeten um Bockel a kann aus Erfahrung schwätzen.

Wat een dacks héiert, dat ass, dass eist **Stroumnetz dat guer net géing packen**. Mir hunn awer d'Chance hei zu Lëtzebuerg, dass mir Netzbedriewer hunn, déi vorausschauend schaffen. Mir gesinn et um Beispill Living Lab (engem Projet vu Creos), wou si an engem Quartier Simulatioune mat Idealhaiser maachen, an deenen een elektresch Autoe mat Bornen, Wärmepumpelen, Batterien a Photovoltaik huet. Wann ee spéider e lauter esou Idealhaiser huet, wéi wäert eist Netz drop reagieren? A wéi musse mer d'Netz verstärken oder ausbauen, fir dat alles kënnen ze maachen? Wa mir vun haut op muer alleguerten elektresch géife fueren a lueden, kéint et vläicht a gewësse Géigenden e bësse méi enk ginn. Mee dat wäert net de Fall sinn. Et kann een donieft mat Smart-Charging-Léisungen entgéintkommen a ganz vill bewierken. Ech menge finanziell ass et och fir den Netzbedriewer net interessant – an och fir eis alleguerten net –, wann deen d'Netz elo mat Vollgas géif komplett ausbauen, fir dass mir iwermuer prett sinn, wann d'Elektromobilitéit komplett zouschléit. Dat gétt Step by Step gemaach. Ausserdeem gétt et och europäesch Reegulungen.

Wat d'AC-Lueden, also dat ‚luest‘ Lueden, ugeet, huet sech den Typ-2-Stecker als Standard duerchgesat, a fir d'Schnelllueden den CCS-Stecker. Domat huet ee scho mol manner Huddel. Haaptverkafsargument fir Autoen ass nieft der Batterieautonomie ëmmer méi och de Car Connect. An Zukunft wäert et d'Leit ëmmer manner interessieren, wéi vill Päerd en Auto huet, an éischer, wéi d'Connectivitéit ass. Mir schwätzen awer allgemeng ze wéineg driwwer, **firwat den Elektroauto Sënn mécht**, a mussen d'Leit opklären. Et kann ee mat erneierbarer Energie fueren, an et ass extrem praktesch. All Mënsch hat sech den Hype sécherlech méi intensiv virgestallt, mee d'Nofro wäert kommen.

Wat d'Luedstatioune ugeet, maache mir **pro Joer eng 300–400 Installatioune**, wouvunner de Gros Eefamilljenhaiser sinn. An ech menge bei deene krute mir och nach ni e Refus fir eng Born. Mir mussen nämlech ëmmer eng Demande beim Netzbedriewer maachen. Residenze sinn e bësse méi komplizéiert. Do musse mir de Bedriewer froen, wéivill Capacitéit an enger Residenz nach do ass, well déi gouf am Bau net onbedéngt fir d'Elektromobilitéit dimensionéiert. Wann et zum Beispill zéng Parteie sinn, da kënnen mir hinnen net all soen, dass si mat 11 kW kënnen lueden. Mir schaffen da mat Loadmanagement an och mat Smart-Charging-Systemer. An Zukunft wäert et och ëmmer méi a Richtung vu Batterien als Tëscheppuffer goen. Den energieetesche Flux muss gesteuert ginn. Wann d'Residenz zum Beispill eng Photovoltaik huet, kann e Managementsystem och Batterien lueden, wann d'Produktioun vun der Photovoltaik am héchsten ass. An enger Residenz ass et och esou: Et si Leit, déi op engem bestëmmten Dag owes lueden, anerer net. Iwwer Nuecht huet ee gutt a gär zwielf Stonnen, wou een de Flux tëscht den Autoe ka spille loossen, fir dass bis moies all Mënsch gelueden huet.

„Manner  
priedegen,  
méi maachen.“

— **MARVIN RASSEL**.  
schafft bei SWIO, enger Entreprise, déi Komplettléisunge fir d'Luedinfrastruktur vu Privatleit an Entreprene ubitt. An enger neier Joint Venture hu si sech verpflichtet, fir 1.000 nei öffentlech Luedstatioune ze bauen.

## „D’Standardiséierung vu Batterien ass net vun haut op muer machbar.“



© Jessie Lang

### — JEFF MANGERS.

Mat engem Hannergrond am Maschinnebau huet hien 2022 säin Doktorat an der Analys vun End-of-Life-Prozesser gemaach. Säi Spezialgebitt ass d’Kreeslafwirtschaft.

De LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology) huet e ganz flotte Simulatiounstool. Et kann ee säin Autosmodell eraussichen, an zwee Autoe matenee vergläichen, zum Beispill e Verbrenner mat engem Elektroauto. Et gëtt een un, wéi vill Kilometer een an der Moyenne fiert, an da gesäit een am Fong, ab wéini deen Elektroauto manner CO<sub>2</sub> géif verbrauche wéi de Verbrenner. **Mécht esou en Auto zum Beispill Sënn, wann ech just 5.000 Kilometer am Joer fueren?**

[climobil.connecting-project.lu](https://climobil.connecting-project.lu)



Wat méi Batterien op de Marché kommen, wat mir natierlech och besser mussen oppassen, wéi mer déi weider benotze kënnen. Ech hu viru kuerzem eng Entreprise matgegrënnt, e Spin-Off vun der Uni. Bei CRAB Traceability Systems kucke mir, wéi den Design muss ausgesinn, fir dass mir eng Batterie kënnen zeréckhuelen. Kann een se auserneen huelen? Kann een se recycelen? Kreeslafwirtschaft bedeit: Et stécht ee vill Energie a Suen an e Produit, fir eng Valeur ze kreéieren, déi duerno dann esou laang wéi méiglech soll kënnen genotzt ginn. En Elektroauto kënn iergendwann an de Recycling oder gëtt auserneegholl. Kënnst een un d’Batterie? Kënnen mer se entlueden? Wat maache mir mat deenen eenzelne Stécker? Dorobber fokusséiere mir eis. Mir hunn en Tool entwéckelt, mat deem een sech am Fong e Produit wéi eng Batterie digital erstellen kann. Duerno kann ee simuléiere loosse, ob déi gutt oder schlecht designt ass, an ob eng Firma wéi Circu Li-ion (Upcycling Startup fir Batterien zu Féiz) se erëm auserneen gebaut kritt. De Präis ass e wichtege Faktor, mee och d’Unzuel u Komponenten an d’Sécherheet. Wann ech eng Batterie net all Kéier muss nei hierstellen, hunn ech déi Ressourcë gespuert. **D’Standardiséierung wier dofir e ganz wichtege Punkt.** Mee d’Hersteller wëllen am Fong net, dass een se selwer kann auserneen huelen.

[www.luxcrab.me](https://www.luxcrab.me)



Bei der Photovoltaik erliewe mir elo déi éischt grouss Well vun Anlagen, déi erofgeholl ginn. Fir eng Zuel an de Raum ze geheien: 2030 rechnen se domat, dass an Europa ëm déi **100.000 Tonne**

**Batterië vun Elektroautoen** zeréck wäerte kommen. Do muss et dann eng Infrastruktur ginn, fir dat opzehuelen. Dat ass eng Chance fir Europa, well wann déi all zeréckkommen, hu mir d’Ressourcen am Fong hei. Mir mussen d’Materialien net méi siche goen a si méi onofhängeg. Dat pass perfekt bei d’Linn, eisen eegene Stroum ze produzéieren.

A photograph of two people ice skating at night. They are silhouetted against a background of warm, glowing lights that create a hazy, atmospheric effect. The skaters are in the middle ground, moving away from the viewer. The overall mood is cozy and festive.

WANTERFEELING.

**Sparkling  
welcome  
to Winter.**





E

Wanterfeeling 2024 was a spectacular winter celebration, full of mesmerizing performances, delicious food, and a joyful atmosphere from 8 to 10 November. The crowd was dazzled by The Burners ft. DROM with their fiery show, while the drone show lit up the night sky in a stunning display.


Visitors were enchanted by the elegance of Salon des Brillances and the lively performances in the Cabaret Wanterfeeling. Acts like Circorythm'oh and Circo a la Maleta added a playful touch to the festivities, while LINQ set the stage for an unforgettable concert. Paired with delicious dishes, the event created a perfect winter wonderland.


Special thank you goes out to the municipality staff, the talented artists and LaBuenaVentura for their invaluable help in making the event such a success. With so many great memories shared, it's safe to say that this year's Wanterfeeling left a lasting impression on everyone.

**We can't wait for you to see what next year has in store!**



Discover the photo gallery  
[WANTERFEELING.LU/GALERIE](https://wanterfeeling.lu/galerie)







ENGAGEMENT, DÉFIS ET  
PLAISIR AU QUOTIDIEN.

# Une vie au service des autres.

**F**

Des individus comme Steve et Bruna consacrent leur temps et leur énergie à protéger leurs concitoyen-ne-s, à répondre aux urgences et à faire face à des situations parfois périlleuses. À travers leur expérience personnelle, les deux offrent un aperçu précieux de ce qui motive les volontaires à s'engager, des défis qu'ils-elles rencontrent et des joies retirées de cet engagement.



**« Mes parents m'ont  
poussé à l'époque,  
mais aujourd'hui je  
les remercie. »**

— BRUNA NETO.  
Pomprière volontaire

L'engagement des pompiers volontaires est souvent motivé par des expériences personnelles, des influences externes ou simplement un désir de faire la différence. Pour Bruna Neto, son aventure a débuté à l'âge de 9 ans grâce à l'influence d'une connaissance de ses parents. « J'étais à la recherche d'un hobby et j'ai décidé d'essayer », explique la jeune femme de 21 ans. « Mes parents m'ont poussé à l'époque, mais aujourd'hui je les remercie. » Au fil des ans, cette curiosité initiale s'est transformée en passion. « Aider les autres, ça fait la différence. »

Steve Dadario, lieutenant du CIS et président de l'Amicale CIS Sanem-Differdange (CIS SaDiff), quant à lui, a rejoint les pompiers à l'époque de la Protection Civile. En 1996, c'était assez simple. « Tu suivais le cours, tu te présentais au centre – à l'époque, c'était rue du Stade à Belvaux – et dès que le chef de centre donnait son accord, tu pouvais partir avec lui », cet homme de 49 ans.

30 ans plus tard, il se souvient de son premier cours de premiers secours à Belvaux comme d'un moment charnière. « À l'époque, je ne savais pas que cela prendrait une si grande partie de ma vie », dit-il. Bien que gratifiant, le volontariat comme pompier présente également des défis non négligeables. Le corps des sapeurs-pompiers au Luxembourg se compose en grande partie de volontaires. Selon le CGDIS, en 2019, encore 90% des pompiers étaient des volontaires. Ici, à la Scheierhaffstrooss, le

centre compte 91 volontaires et 21 professionnels. « On demande beaucoup aux volontaires et nous sommes heureux d'en avoir autant ici », explique le lieutenant.


### FORMATIONS CONTINUES

Steve souligne que les exigences auxquelles sont confrontés les pompiers motivés ont considérablement augmenté au fil des ans. « Aujourd'hui, il ne suffit plus de vouloir aider. Il faut passer de nombreuses formations, respecter des normes strictes et être toujours prêt à intervenir », explique-t-il. « Cela peut prendre jusqu'à un an avant d'être vraiment opérationnel. Pour certains, c'est trop long. »

Des séances de formation sont régulièrement organisées pour garantir que chaque membre est au courant des dernières

techniques et protocoles. « La formation continue est essentielle pour notre efficacité. Nous devons être en mesure de réagir à toutes sortes de situations », explique Bruna. Ces formations renforcent non seulement les compétences individuelles, mais aussi la cohésion d'équipe.

La réforme des services de secours au Luxembourg date d'un peu plus de cinq ans. Une réforme qui a donné naissance au CGDIS. Une réforme saluée par Steve. « Ce que nous avons demandé a été fait. C'était trop à gérer. Il n'aurait pas été possible de faire autrement. » Avec ± 6.000 interventions, le SaDiff se positionne en 3ème place avec le plus d'interventions accomplies au pays. 5.284 étaient à bord de l'ambulance (volet blanche, comme on l'appelle dans le jargon) et 732 à bord du camion (volet rouge). ►



Une salle de sport avec tout ce qu'il faut.

► «Vendredi dernier, on a compté 29 interventions en ambulance. 7 à 8 interventions en 8 heures.» Même si tout n'est pas encore idéal, Steve est conscient qu'une réforme nécessite du temps.

## ÉQUILIBRE ENTRE VIE PRIVÉE ET ENGAGEMENT

Pour Bruna, la réalité de son engagement peut être stressante. «Il y a des moments où l'on se retrouve dans des situations compliquées.» Par exemple, les interventions d'urgence peuvent survenir à tout moment. Cela demande beaucoup d'engagement personnel. «On doit mettre des priorités, prendre des décisions.» La jeune motivée a réussi sa dernière année de lycée et pris chaque moment libre de venir au centre. «Pour se changer les idées, pour être avec ses collègues.»

Un autre défi majeur est de concilier responsabilités personnelles et professionnelles. Pour Steve, la famille passe avant tout, mais il doit souvent donner la priorité

à ses engagements de pompier. «C'est un équilibre délicat. Certains ne veulent plus s'y engager, et c'est tout à fait compréhensible», explique-t-il.

Malgré ces défis, il est essentiel de transformer la pression en motivation. «J'ai assisté à une naissance, c'était vraiment un moment fort. Et il ne faut pas oublier l'aspect social. Nous passons beaucoup de temps ici au centre», raconte Steve en hochant la tête. «C'est pour ça qu'on donne en retour. Nous avons une nouvelle cuisine et une salle de sport.» Ces deux espaces sont parfaitement équipés, comme nous avons pu le constater en visitant le centre.


Le quotidien des pompiers volontaires est aussi varié que stimulant. Les journées ne se ressemblent jamais et peuvent inclure des formations, des interventions d'urgence, ainsi que des activités de sensibilisation. Bruna explique que chaque garde commence par une préparation minutieuse. «Avant chaque sortie, nous devons contrôler tous les équipements. C'est un processus essentiel pour

garantir notre efficacité», dit-elle. Le sérieux de ces préparations témoigne de l'importance primordiale que le SaDiff accorde à la sécurité.

## CULTURE DE LA CAMARADERIE

De l'autre côté, l'équipe à la Scheierhaffstrooss trouve de nombreux moments de plaisir et de camaraderie. Bruna évoque les moments passés avec ses collègues. «Nous cuisinons ensemble, faisons du sport, et cela nous permet de nous décharger après une journée stressante.» La solidarité au sein de l'équipe est ce qui rend tout cela si spécial. Ainsi les deux évoquent le traditionnel «Specknomëtten» du SaDiff.

Steve partage également des souvenirs joyeux : «Il y a des moments que je n'oublierai jamais. Parfois, nous avons des interventions inattendues qui nous laissent perplexes, comme la naissance de jumeaux. On était à deux en intervention, Thomas qui était en





**« C'est un équilibre délicat. Certains ne veulent plus s'y engager, et c'est tout à fait compréhensible. »**

— STEVE DADARIO

Lieutenant du CIS et

président de l'Amicale CIS SaDiff

train de devenir infirmier, et moi. Il n'y avait pas de SAMU disponible et à ce moment, je ne savais pas qu'il y aurait encore un deuxième bébé.» Steve faisait l'accouchement au couloir de l'hôpital à Esch/Alzette. « Quand l'ascenseur s'est levé, le personnel médical était en place. Ils m'ont donné une tape sur l'épaule et m'ont félicité. Maintenant, je ris, mais à l'époque, je pensais que j'allais tomber raide mort. »

Pour Bruna, chaque sourire de ceux-celles qu'ils-elles aident est une récompense inestimable. « Chaque fois qu'une personne peut sortir de l'hôpital après avoir été aidée, je me dis que tout cela en valait la peine. » Malgré tous les bons moments, les situations difficiles restent aussi dans les mémoires. « J'ai assisté à plusieurs accidents graves. C'était très dur et ça ne te laisse pas indifférent. Nous avons dû prendre des décisions et réagir de manière appropriée. Cela m'a marquée. », raconte-t-elle. Steve approuve sa collègue. « Cela ne laisse ni les vieux ni les jeunes indifférents. Nous avons les moyens nécessaires pour recourir à un

soutien psychologique. C'est pourquoi il est rare que quelqu'un s'arrête après une telle expérience.

### TROUVER LES PERSONNES MOTIVÉES

L'engagement des pompiers volontaires inspire d'autres personnes à s'impliquer. Steve souligne que chaque nouveau membre apporte des perspectives nouvelles et des compétences qui renforcent l'équipe. « Nous sommes toujours heureux d'accueillir de nouvelles personnes motivées. Nous avons eu 15 candidats cette année. Une porte ouverte ne sert pas à un recrutement et nous n'avons pas le temps ni les moyens de le garantir – quelqu'un de vraiment motivé se présente lui-même. »

Trouver de nouveaux-elles volontaires restera un défi. « Nous sommes bien placés, mais les directives du CGDIS changent », estime Steve. « À l'avenir, notre centre devrait être occupé par 16 personnes par équipe.

Actuellement, la moyenne est de 10. » C'est pourquoi la priorité consiste à mettre l'accent sur les jeunes motivé-e-s au SaDiff. Cette année, les jeunes du centre participaient aux Jeux internationaux des jeunes sapeurs-pompiers à Borgo Valsugana.

En conclusion, l'engagement des pompiers bénévoles, comme celui de Steve et Bruna, est un témoignage puissant de la force des personnes qui s'engagent volontairement dans notre société. Ils-elles affrontent des défis, mais trouvent également des moments de joie et de camaraderie dans leur travail. Leur détermination à aider les autres et à s'investir dans leur communauté témoigne de l'importance du volontariat. En fin de compte, le travail des pompiers volontaires est un véritable acte de bravoure, qui mérite d'être célébré et encouragé dans nos communautés.



L

Lëtzebuergesch Versioun  
SUESSEMJETAIME.LU/CIS



# BABYPLUS Sanem

E Service vun der Gemeng Suessem an zesummenaarbecht mat der Initiativ Liewensufank

- fir all Familljen an der Gemeng Suessem, déi e Puppelchen erwaarden oder kritt hunn
- **gratis Informatiounen, Berodungen a Begleedung ab der Schwangerschaft a während dem 1. Liewensjoer vum Bëbee**
- Bei lech doheem oder an engem Berodungsraum zu Suessem
- kompetent, empathesch, méisproocheg Ekipp.

Fir weider Informatiounen oder fir e RDV auszemaachen, kënn Dir eis entweder eng Noriicht um Repondeur hannerloossen, eis eng Mail schreiwen oder lech via de QR Code aschreiwen. Mir kontaktéieren lech esou séier wéi méiglech.

Un service de la commune de Sanem en collaboration avec l'Initiativ Liewensufank

- s'adresse à toutes les familles de la commune de Sanem, qui attendent ou viennent d'avoir un bébé
- **information, consultation et suivi gratuits concernant le bébé dans sa première année de vie**
- à votre domicile ou dans un bureau de consultation à Sanem
- équipe compétente, sensible, multilingue.

Pour plus d'informations et pour prendre rendez-vous, veuillez nous laisser un message sur notre répondeur, soit nous envoyer un e-mail, soit vous inscrire à l'aide du code QR. Nous vous contacterons dès que possible.

A service of the municipality of Sanem in collaboration with the Initiativ Liewensufank

- which is for all families in the municipality of Sanem who are expecting or have just had a baby
- **free information, consultations and follow-up of the baby during its first year of life**
- at your home or at a consulting room at Sanem
- competent, sensitive, multilingual team.

For more information or to schedule an appointment, please leave a message on our answering machine, send us an e-mail or register using the QR code. We will contact you as soon as possible.



**ONLINE Aschreiwung** Scannt dofir dëse QR-Code mat Ärem Telefon

**Inscription EN LIGNE** Scannez ce QR-code avec votre téléphone

**ONLINE registration** Scan this QR-code with your phone


**Tel.: 36 05 97-30 • [babyplus@liewensufank.lu](mailto:babyplus@liewensufank.lu) • [www.suessem.lu](http://www.suessem.lu)**



**INITIATIV LIEWENSUFANK**  
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE



Apprenez à connaître vos voisin·e·s.  
Get to know your neighbours.



Inscrivez-vous | Sign up  
[www.hoplr.com](http://www.hoplr.com)



Chaque quartier  
est fermé



Parlez à vos voisin·e·s



Positif et  
constructif



AGEMAN.

# Explorer les réalités de l'âge.

F

**Comment perçoit-on les effets du vieillissement? Cette question a récemment été explorée par plusieurs collaborateur·rice·s de l'Administration communale lors de la formation «AgeMan – Comprendre et ressentir la vieillesse», organisée par notre Service Senior\* le mardi, 26 novembre 2024.**

Après une introduction théorique par Alain Brever, le directeur du gero – Centre de compétence gérontologique, les participant·es ont eu l'occasion de percevoir, grâce à une combinaison de simulation du vieillissement, les défis quotidiens auxquels sont confrontées les personnes âgées, tels que la mobilité réduite, une vision altérée ou une diminution de la force physique.

Ensemble, ils·elles ont analysé l'accessibilité de notre bâtiment communal et identifié des pistes d'amélioration. La bourgmestre

Simone Asselborn-Bintz a également pris part à cette expérience enrichissante. La combinaison AgeMan illustre de manière frappante comment de petits obstacles peuvent devenir de véritables défis, qu'il s'agisse d'une porte difficile à atteindre ou d'un escalier glissant.

Cette formation a permis d'acquérir une meilleure compréhension des besoins des citoyen·ne·s âgé·e·s, afin d'y répondre de manière encore plus adaptée à l'avenir. Forts de cette sensibilisation, nous nous engageons à rendre notre commune encore plus accessible et inclusive pour toutes les générations.

PLUS D'INFORMATIONS  
► [WWW.GERO.LU](http://WWW.GERO.LU)



Weider Fotoen op  
Les photos sur

[NEON.LY/AGEMAN](http://NEON.LY/AGEMAN)



RECHTER A FLICHTE VU  
PAPPE BEI TRENNUNG.

# Papp à la Papp.

© Annick Spellini

L

**„D’Pappe vun haut sinn net d’Pappe  
vu gëschter.“ Dat war eng Feststel-  
lung de 26. November 2024 op der  
Table ronde „Papp à la Papp“ A  
Gadder zu Bieles am Kader vum  
internationale Männerdag.**

Hautdesdaags sinn d’Pappe méi present am  
Alldag vun de Kanner, wéi dat nach fréier  
dacks de Fall war. D’Zil vum Owend war et,  
Pappen iwwert hir Rechter a Flichten am  
Fall vun enger Trennung oder Scheedung  
opzeklären. Och d’Kanner dierfen net ze  
kuerz kommen.

Expert:innen aus verschidde Beräicher,  
déi sech ëm d’Trennung oder Scheedung  
këmmeren, haten der Chancéglichheets-  
an Diversitéitskommissioun op hir Invitatioun  
geäntwert, fir de Matbierger-inne Ried an  
Äntwert ze stoen. De Psychotherapeut  
vum Familljen-Center David Velasquez huet  
erkläert, dass vill Eltere bei enger Trennung

éischter hir Differenzen ausdroen amplaz  
sech op d’Wuel vun de Kanner ze konzen-  
tréieren. Déi fréier Riichterin um Famillje-  
geriicht Alexandra Huberty huet betount,  
dass d’Eltere méi kooperéiere mussen an  
d’Entscheidung fir d’Kand am Prinzip um  
„Intérêt supérieur de l’enfant“ orientéiert  
solle sinn.

Zousätzlech huet de Charles Schmit, Om-  
budsmann fir Kanner a Jugendlecher, drop  
higewisen, dass d’Kanner d’Recht hunn, fir  
d’Situatioun ze verstoen: „Kanner wëllen  
net just informéiert ginn, si musse mat an  
d’Gesprécher agebonne ginn, wa se al ge-  
nuch sinn.“ Hien huet betount, wéi essenziell  
et ass, dass d’Rechter vun de Kanner kloer  
an einfach verständlech virgestallt solle ginn.  
Wat vill Kanner net wëssen, ass, dass se  
d’Méiglechkeet hunn, dem:r Familljeriichter-in  
e Bréif ze schreiwen. Do kënn dann och en  
Affekt fir d’Kand, deen d’Procédure au nom  
de l’enfant mécht.

D’Valérie Scuto-Franck, Assistante d’hygiène  
sociale bei der Fondatioun Kannerschlass,  
huet d’Komplexitéit vum juristesche Prozess  
ervirgehuewen: „Et gëtt keng einfach Léisung.  
D’Familljefroen enthalen net nëmme juris-  
tesch, mee och emotional a sozial Erausfu-  
erungen, déi scho virun der Trennung  
présent sinn.“ Bei Trennung oder Scheedung  
ass et ni verkéiert, sech psychologesche  
Bäistand ze huelen. Den Nico Delpierre  
huet säi perséinlecht Beispill ginn. Hie konnt  
feststellen: Wéi hie bis méi gefestegt mam  
Scheidungsprozess ëmgoe konntd, dass dëst  
och positiv Auswirkungen op säi Kand mat  
sech bruecht hat. D’Valérie Scuto-Franck  
huet och hei betount: „Kanner brauchen  
Elteren, deenen et och gutt geet.“

WEIDER INFO AN ULAPPLAZEN  
► [NEON.LY/PAPPALAPP](https://neon.ly/pappalapapp)



10 JOER ARTIKUSS.

# Melodies & Milestones.


E

The 10th anniversary of the concert and event hall Artikuss in Soleuvre was celebrated on 21 and 22 September 2024, with a series of free concerts. On Saturday evening, soul jazz singer and trumpeter Jeff Cascaro shared the stage with the Big Band of the Grand Ducal Military Band, under the baton of Raoul Christophe, in a unique collaboration. The festivities continued on Sunday afternoon with an academic session. Mayor Simone Asselborn-Bintz emphasized in her speech the essential role of arts and culture, stating: "Culture must shape and open spaces for connection, where together, we can envision new perspectives for our world." The celebrations concluded with intimate performances, starting with the trio IRINA, who captivated the audience with an emotionally charged performance, followed by the alternative pop-rock group One Last Time, led by Andrea Galleti.

L



Lëtzebuergesch Versioun  
[SUESSEM.LU/GALERIE/ANNIVERSAIRE-DE-LARTIKUSS](https://suessem.lu/galerie/anniversaire-de-lartikuss)





TENTHING BRASS.

# Harmonie et puissance d'un ensemble unique.

**F**

Nous avons eu le plaisir d'échanger avec Tine Thing Helseth, fondatrice et leader de tenThing Brass, un ensemble norvégien qui enchante les publics depuis sa création. Avant le concert du **13 février 2025 à l'Artikuss à Soleuvre**, Tine nous a partagé des moments marquants sur scène et les défis qu'elles ont surmontés en tant qu'ensemble exclusivement féminin.

«Je suis actuellement à l'aéroport, j'espère que vous m'entendez bien», nous dit Tine dans un message vocal. «Désolée pour la réponse tardive, je viens juste d'arriver à Heathrow après cinq semaines passées aux États-Unis. Je reviens de Seattle.»

## NAISSANCE DE TENTHING BRASS ET SON ÉVOLUTION

Interrogée sur les origines de tenThing Brass, Tine nous raconte l'inspiration qui l'a poussée à fonder l'ensemble et l'évolution du groupe au fil des années. «Mes trois collègues trompettistes et moi, nous avons étudié ensemble. Quand nous étions à l'école, nous voulions créer un ensemble», se souvient-elle. «Nous avons assisté à un concert de Noël donné par un ensemble à cordes de l'école, ils jouaient une musique formidable, et nous voulions faire la même chose. Alors nous avons décidé de former un ensemble de dix musiciennes.» Cela remonte à 17 ans. «Notre premier concert a eu lieu le jour de mes 20 ans. Bien sûr, à l'époque, nous n'avions aucune idée que cela durerait aussi longtemps, et c'est quelque chose de spécial.»

Elle évoque aussi son rôle de leader: «Chacune apporte sa propre voix musicale et une musicalité incroyable. Être la leader – ou comme disent les filles, la «boss lady» – c'est un rôle que j'apprécie, car j'aime orienter la musique dans sa globalité.» Elle poursuit: «C'est agréable de faire partie de quelque chose comme ça. Avant tout, c'est agréable de faire de la musique avec des amies. Et le son que nous produisons, nous le devons à ces dix personnes qui se rencontrent.»

Pour Tine, la scène est un lieu de connexion profonde avec le public. «Je pense que l'essentiel est de rencontrer le public là où il se trouve. J'aime échanger avec le public, car je veux qu'on se sente sur un pied d'égalité», explique-t-elle. «Nous ne sommes pas au-dessus du public, et la manière dont nous faisons de la musique ne serait pas la même sans lui.»

Elle nous raconte un moment inoubliable: «Nous avons joué dans des lieux incroyables, et une fois, nous avons joué dans les Dolomites, à près de 3 000 mètres d'altitude. C'était une expérience unique à tous points de vue, rien que le fait de monter là-haut en téléphérique avec le public, puis de jouer directement sur la montagne.»

En tant qu'ensemble exclusivement féminin, tenThing Brass a dû relever certains défis dans l'industrie musicale. «Pour moi, il n'y avait rien d'étrange à jouer de la trompette, ou à voir d'autres filles jouer du tuba ou du trombone, c'était normal. Ce n'est qu'en grandissant et en voyageant que j'ai réalisé que ce n'était pas pareil partout.» Aujourd'hui, elle constate qu'il y a «presque plus de filles que de garçons qui étudient la trompette.» Elle espère que leur parcours a pu inspirer certaines personnes et montrer que l'on n'a pas besoin de suivre les courants dominants pour réussir.

Pour Tine, la musique est un puissant vecteur de rassemblement: «C'est ce dont nous avons besoin en tant que société. Je crois que les arts sont une part essentielle de ce qui rend la vie digne d'être vécue, en favorisant la connexion entre les êtres humains.»

## LA PROMESSE DU CONCERT

Pour les fans impatients de découvrir tenThing Brass à l'Artikuss, Tine nous donne un aperçu de ce qu'ils-elles peuvent attendre du concert: «Nous aimons différents styles de musique, et nous les interprétons de manière décontractée. Nous voulons créer un lien avec le public, et nous espérons qu'il prendra plaisir à passer une soirée avec nous.»

Enfin, Tine nous parle des futurs projets de tenThing Brass: «Je suis très enthousiaste au sujet du projet que nous venons de terminer», commence-t-elle. «Nous venons de sortir un album intitulé *She Composes Like a Man*, réunissant des œuvres de compositrices.» Le titre de l'album fait référence à un événement particulier: «Une compositrice, Ethel Smythe, a reçu un jour une critique où le plus grand compliment qu'on pouvait lui faire était qu'elle composait comme un homme. C'était censé être un éloge pour sa musique. Nous avons donc eu l'idée de rassembler de la grande musique, et il se trouve qu'elle est composée uniquement par des femmes. Je trouve que c'est important.»



TICKETS

**Artikuss**

SALLE DE CONCERT ET DE SPECTACLE


**Je. 13.02.25** tenThing Brass

33 € | Étudiant·e·s 23 € | Groupes 28 €



SPORTING CLUB BELVAUX.

# Engagement für d'Jugend.



L

Am Sporting Club Belvaux (SCB) setzen de Laurent, d'Isabelle an d'Laetitia sech mat Leidenschaft fir déi sportlech a perséinlech Entwécklung vun de Jonken an. Duerch hir Aarbecht als Trainer-innen droe si zur Erzéiung a Motivatioun vun deene Klengste bäi, mat Fokus op sozial Wäerter, Teamgeescht a géigesäitege Respekt.

Wéi mir am Gymnikuss um Scheierhaff zu Zolwer ukommen, sinn d'Gruppentrainingen an der Hal schon amgaang. Jonge wéi Meedercher vun all Alter trainéieren op de Barren an um Recken. De Laurent huet e breet Laachen am Gesiicht, wéi hien eis begréisst. Eis éischt Schrëtt féieren eis eng Kéier queesch duerch d'Hal.

Dem Laurent säi Wee beim SCB huet a senger Kandheet ugefaangen. Den Informatiker huet selwer geturnt, bis hie 25 Joer al war. No enger Verletzung huet hien säin éischten Trainerposten als 17-Järegen iwwerholl. Haut ass hien am Comité a verantwortlech fir d'Trainerkommissioun, wou hien d'Trainingen organiséiert, d'Koordinatioun vun de knapp 40 Trainer-innen iwwerhëlt an d'Kompetitionsplanung mécht.

De Veräin zielt aktuell méi wéi 400 Memberen, déi meescht dovun si Meedercher. Déi héich Demande spigelt sech an de Waardelëschten erëm. Esouguer fir d'Coursen am Baby-Gym kritt een net direkt eng Plaz – verschidder waarden iwwert ee Joer. De President vun der technescher Kommissioun ass besonnesch houfreg op d'Entwécklung vun der männlecher Sektioon, wou hie selwer ee Grupp vu ronn 20 Jonker trainéiert. „Mir striewen un, d'Trainingen interessant an usprochsvoll ze gestalten. Déi Jonk léieren nei Fäegkeeten a maache vill Muskelopbau, wat entscheidend ass, fir Fortschrëtt ze gesinn.“

## TËSCHT JUGEND A KOMPETITIOUN

Trotz engem Réckgang vun de Memberszuelen no der Corona-Pandemie sinn d'Jongen nees zréck an errechen exzellente Resultater, ënnersträicht de Laurent. „Lescht Joer hu mir d'Coupe de Luxembourg bei den Erwuessene gewonnen an d'Jongen hu sech och immens gutt geschloen“, seet hien houfreg. Hien weist op de klengen Daniel, dee bei eisem Besuch matzen am Training ass. Den 9-Järegen ass e richtegt Talent, wéi hien eis och ganz selbstbewusst op den zwee Barre weist. Wéi wann et näischt wier, mécht hien ee perfekte Kappstand. „Wat hien hei a sengem Alter mécht, ass extrem impressionant“, kommentéiert de Laurent. „Den Daniel ass en Héichleeschtungsathlet. Wann hien esou weider mécht, wäert hien nach vill Succès feieren.“

D'Zil vun de Challenge ass et, hir Loscht ze erwächen, sech géint anerer ze beweisen: Wéi laang kann een op engem Fouss stoe ▶



**„Et geet net  
nëmmen dorëm, de  
Standardprogramm  
ze absolvéieren,  
mee och Freed un  
der Kompetitioun  
ze hunn.“**

— LAURENT.

Trainer a verantwortlech  
fir d'Trainerkommissioun

► bleiwen? Wie mécht d'Übung am beschten? D'Motivatioun gëtt duerch kreativ Trainingsmethoden an e Punktesystem, déi sougenannten „Gympoints“, verstärkt. Op deem Wee kënnen si hir Fortschreitter verfolge. Reegelméisseg Erausforderunge stimuléieren hire Konkurrenzgeescht. „Si wëlle staark ginn, an dat motivéiert si. Et geet net nëmme dorëm, de Standardprogramm ze absolvéieren, mee och Freed un der Kompetitioun ze hunn.“

Gläichzäiteg stinn déi Jonk viru groussen Decisiounen, erkläert d'Laetitia, genannt Titi. Aktiv zënter méi wéi 20 Joer, ass d'Psychomotricienne dovun iwverzeegt, datt besonnesch d'Teenager mat wichtege Choix konfrontéiert sinn: am Sport ze bleiwen oder nei Aktivitéiten ze entdecken – an der Pubertéit änneren d'Interessen, et huet een déi éischt Beziung an d'Kolleeginne wëllen ëmmer eppes ënnerhuelen. D'Zäit, besonnesch fir Hobbyen, gëtt enk.

## JUGENDTRAINERIN MAT ENGEM GROUSSEN HÄERZ

D'Isabelle ass mat just 17 Joer schonn Trainerin vum Grupp vu Meedercher vu 4 bis 8 Joer. Hatt huet selwer mat 8 Joer mam Turnen ugefaangen a gëtt säi Wëssen un déi Kleng weider. Fir hatt steet de Spaass um Sport op éischer Plaz: „Mat de Kleng muss een entspaant sinn, si sinn ze jonk fir streng Reegelen

durchzusetzen. Ech probéieren, de Cours spilleresch ze gestalten.“ D'Isabelle betreit d'Meedercher zweemol d'Woch a gesäit seng Roll als Trainerin gläichzäiteg als eng Form vun Educatioun, well am Training Konzentratioun an Disziplin gefuerdert ginn. D'Isabelle betount e puer Mol, dass et schwéier ass, genuch Trainerinnen ze fannen, déi bereet sinn, dës Verantwortung op sech ze huelen.

Als diploméiert Psychomotricienne bréngt seng Teamkolleegin Titi wäertvollt Wëssen an de Club. Hatt trainéiert déi ganz Kleng, ab 2 Joer. „D'Kanner sinn dacks midd, nodeems si eng Stonn Turnen haten,“ ënnerschräicht hatt, während et un all d'Progrèsen denkt, déi se maachen. „Et ass wonnerbar ze gesinn, wéi si sech entwéckelen a sech nei Kompetenzen ueueggen.“

D'Laetitia, wat fréier och selwer vill geturnt huet, gesäit säin Engagement am Club als eppes, wat hatt fir d'Gemeinschaft mécht. „Dat Mateneen-Sinn ass essentiel. Ech erënnere mech u Filmowender, wéi ech selwer Turnerin war“, erzielt hatt. Eppes, wat hatt besonnesch frou mécht, ass d'Entwécklung vun de Jonken hautno mat ze erliwien. „Ee vu mengé fréieren Turner assistéiert mir haut. Dat ass e Beweis fir d'Bestännegkeet vun eiser Aarbecht.“

Trotz der positiver Entwécklung bleiwen d'Erausforderunge bestoen. Si si sech bewosst, dass aner Clibb nach vill méi

Schwieregkeeten hunn, erkläert de Laurent. Den SCB géif am Verglach gutt do stoen. Hie betount awer och, datt de Mangel un Trainerinnen e grouse Problem bleift: „Et ass schwéier, genuch Traineren ze fannen. Si wiesselen oder hale ganz op. Mir probéieren, déi Jonk ze forméieren an hinne vill Freed an Ofwiesslung während den Trainingsen ze bidden.“ Während dem Interview widderhuelen se all e puer Mol, dass si aktiv no Trainerinnen sichen. Jiddereent ka sech mellen, egal ob an der Vergaangenheet selwer geturnt ginn ass oder net. Den SCB këmmert sech selwer ëm d'Ausbildung. Esou stelle si sécher, dass d'Philosophie vum Club iwverholl gëtt.

## ENGAGEMENT VUN DEN ELTEREN

Fir seng Offer ënnert d'Leit ze bréngen, huet de Club säit kuerzem dräi nei Sektouren agefouert: Cheerleading, Zumba a Fitness. De Laurent ass houfreg op dës Evolutioun. Bei deem Ganzen dierf een d'Implicatioun vun den Elteren net vergiessen. „Heiansdo hannerfroen d'Elteren d'Autoritéit vun den Traineren, wat d'Aarbecht méi schwéier mécht“, erkläert d'Laetitia. Allen an allem bezeechent hatt d'Zesummenaarbecht am Allgemengen als positiv, an eng ganz Partie Elteren ënnerstëtzen de Club aktiv. Fir de Laurent a seng Club-Kolleeginnen ass d'Turnen net nëmme eng sportlech Aktivitéit, mee stellt och eng essentiel Basis

D'Laetitia engagéiert sech zënter Jore beim SCB.



fir déi perséinlech Entwécklung vun de Kanner duer. „Turnen ass fir all aner Sport-aart eng gutt Basis. Et fërdert d'Motorik, d'Kraaft an d'Ausdauer“, erkläert de Laurent. No der Pandemie ass d'Wichtigkeet vun dese Fundamenter nach méi wichteg. „Vill Kanner weisen motoresch Defiziter op a mir probéieren des duerch geziilt Trainingen auszegläichen.“

Wéi kann ee sécherstellen, dass d'Zäit duergeet, fir déi ganz individuell Fäegkeeten ze entwéckelen, wann esou grouss Gruppe mateneen trainéiert ginn? „Dat ass de Balanceakt, deen all Trainer probéiert ze meeschteren“, äntwert de Laurent. An der Moyenne sinn et 10 Kanner pro Coach – op d'mannst probéiere si, sech dorunner ze halen.


## DE SOZIALEN ASPEKT VUM SPORT

De Laurent betount, dass d'Turnen och Wäerter wéi Persistenz, Respekt a mental Kraaft vermëttelt. „D'Kanner léieren, sech duerchzusetzen an hir Ziler ze verfollegen“, erkläert hien. Dat Wichtigst ass a bleift awer d'Motivatioun. Ouni des ass et schwéier, déi Jonk bei der Staang ze halen. Dem Laurent no hëllef seng Formatiounen, eng dovunner an der Sportpsychologie, an deem Kontext immens.

Den SCB bitt de Kanner a Jugendlechen net nëmmen eng sportlech Aktivitéit, mee och eng wäertvoll sozial Gemeinschaft. D'Trainer-innen deelen hiert Wëssen an hir Erfahrung mat Passioun, wat zum sportlechen a perséinlechem Wuesstem vun de Kanner bäidréit. Trotz den Challenges, virun allem wat d'Penurie vun Trainer-innen ugeet, bleift de Club eng staark Institutioun, déi eng Basis fir déi sportlech a perséinlech Entwécklung vun hire Memberen ubitt.


De Grond, firwat de Club vläicht méi Succès huet wéi anerer am selwechte Beräich, huet e puer Ursachen: Si üben hiren Job als Trainer-inne mat Freed aus. Eis Gesprächspartner-inne sinn engagéiert a si beim deem Club bliwwen, an deem si opgewuess sinn.

A virun allem sinn d'Isabelle, d'Laetitia an de Laurent houfreg op hir kleng Athlet-innen a si frou, un hiren Entwécklung deelzehuelen. Oder wéi de Laurent et seet: „Dese Club ass een Deel vu mengem Liewen.“



**„Mat de Kleng muss een entspaant sinn, si sinn ze jonk fir streng Reegelen duerchzusetzen.“**

— ISABELLE.  
Trainerin



Version française  
[SUESSEMJETAIME.LU/PORTRAITSCB](https://suessemjetaime.lu/portraitscb)



**MATGESFEST.**

# Symphonie verte gourmande.

**F**


Du 5 au 6 octobre 2024, la Commune de Sanem avait convié le public à la quatrième édition du Matgesfest, qui s'est tenue dans les jardins communautaires de Belvaux. Les visiteurs ont pu profiter d'un riche programme mêlant stands dédiés à la durabilité, activités pour tous les âges, délices culinaires et une ambiance musicale vibrante. Des artistes et groupes tels que BG & The Rebels, Waffle Killers, Zero Point Five, Blue-ish, Joel Marques et la Biele-ser Musek ont rythmé l'événement de leurs performances. Le groupe de folklore portugais O Cancioneiro do Alto Minho a également apporté sa touche unique, tout comme

la charismatique Tatta Tom, qui a captivé les enfants avec ses lectures. Onil, le dragon glouton qui recycle tout, et In-Jou avec ses séances de yoga en plein air figuraient parmi les autres temps forts de l'événement. Le dimanche a été marqué, entre autres, par la remise du diplôme environnemental (Ëmweltdiplom).



Découvrez la galerie photo  
[SUESSEM.LU/MATGESFEST-3](https://suessem.lu/matgesfest-3)







© Max Staus



JOURNÉE DE LA MOBILITÉ.

# Rouler, réparer, reinventer.



F

Une journée entièrement dédiée au vélo a été organisée le samedi, 21 septembre 2024 par les communes du Kordall. Sur la Place de l'Indépendance à Soleuvre, des stands d'information étaient installés et il était possible de tester des vélos électriques et des vélos-cargos électriques sur un parcours sécurisé. En parallèle, chacun·e pouvait bénéficier du Velorepair et participer à une course d'ascension. Le magasin de seconde main du CIGL Differdange, le Vél'OK du CIGL Esch ainsi que la Maison du Vélo étaient également présents.


Par ailleurs, les lauréats du concours «Pimp my Bus-haischen», visant à embellir les abribus de transport en commun dans la Commune de Sanem, ont été récompensés. Le projet ayant conquis à la fois le jury et le public lors du vote sur Facebook était celui réalisé par le Foyer Rouge Wee, désormais visible à l'arrêt «Schoul Rouge Wee» à Belvaux.



Galerie photos

[SUESSEM.LU/GALERIE/JOURNEE-DE-LA-MOBILITE](https://suessem.lu/galerie/journee-de-la-mobilite)

## EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



### FAIR(E) PLAISIR - TOUT SIMPLEMENT

Les fêtes de fin d'année approchent à grand pas. Elles sont l'occasion idéale pour Fair(e) plaisir.

Lors de cette période festive, marquée notamment par une consommation accrue de chocolat, **choisir des produits certifiés Fairtrade est un acte de bon sens citoyen qui permet de garantir des prix équitables aux producteurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes**, et de contribuer à améliorer leurs conditions de vie et leurs conditions de travail.

**Les risques et défis inhérents à la filière du cacao sont encore nombreux** : travail forcé des enfants, absence d'un revenu vital, violations des droits humains et environnementaux, discrimination des genres, déforestation, dérèglement climatique ou encore crise inflationniste, les producteurs et productrices de cacao ont plus que jamais besoin de notre solidarité et de notre soutien.

Maintenant plus que jamais, **restons unis avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.**

### CADEAU PRATIQUE

Pâtes à tartiner,  
pralines, lait de  
coco, poivre, ...  
Composez votre  
cadeau Fairtrade  
qui ne prendra pas la poussière



La productrice de cacao  
Lucy Twenewaa fait  
sécher des fèves  
de cacao sur son terrain  
à Abofrem, Ghana

### LIVING INCOME IN COCOA

